

Agrarpolitesch Stellungnahm
virgedroë vum **Pol Kail** um **Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2009**

Léif Éiregäscht,
Dir Dammen an dir Hären,

D'Joer 2009 ass e Joer, wéi nach keent do war. Mir musse mat Bedauere feststellen, datt all landwirtschaftleche Secteur an der Kris ass. Datt et de Mëllechbaueren schlecht geet, ass méttlerweilen jidderengem bewosst. Mir dierfen awer donieft net déi aner landwirtschaftlech Beräicher vergiessen.

Beispillsweis kann et deene Baueren aus der Käeren- oder der Schwéngsproduktioun mat deenen aktuelle Präisser net besser goen. Hir Problematik gëtt an der ablécklecher Berichterstattung net thematiséiert; mat finanziellen Engpäss mussen si sech awer scho laang ausernee setzen!

Vill Bauere gesi kee Liicht méi um Enn vum Tunnel. Dofir ass d'Gefor grouss, datt d'Luuchten op ville Betriber fir ëmmer ausginn. Fir si net am Reen stoen ze loossen, sinn eis Regierung an d'Chamber gefuerdert. Vun eiser Säit aus fuerdere mir dofir dringend:

- **kuerzfristeg** Moossnahmen, déi déi ablécklech Situatioun entschäerfen. Déi finanziell Moossnahmen, déi bis elo geholl gi sinn, sinn nëmmen eng Drepps op dee waarmen Steen. Wann eise Beruffsstand soll bestoe bleiwen, da si ganz aner finanziell Moyën'en néideg.
- **Laangfristeg** brauche mir kloer Rahmenbedingungen fir zukunfsorientéiert investéieren ze kënnen. Nëmme wann dëst de Fall ass, kann een nach e Jonken motivéieren, fir an eise Beruff eranzeklammen.

Gerechte Loun fir gerecht Aarbecht

D'Grondviraussätzungen fir gesond Aarbechtsbedingungen - déi iwwregens fir all Beruffsstand gëllen - gi mat deem urale Slogan "Gerechte Loun fir gerecht Aarbecht" ënnermauert. Mee leider trëfft dëst scho laang net méi zou, fir d'Akteuren an der Landwirtschaft. Trotz stännegem Wuesstem, Spezialisatiounen, Aféierung vu Labelen, Traçabilitéit a massiver finanzieller Ënnerstëtzung vun de Produktiounen, hunn eis Revenuen an de leschte Joeren ëmmer nëmmen eng Tendenz no ënnen opgewissen.

Datt an esou engem räiche Land wéi Lëtzebuerg, mat Weltspëtzeléin ee liewensnoutwendege Beruffsstand do steet, deen zum Spottpräis - esouguer deelweis ënnert dem Käschtépunkt - produzéiere soll, do fret een sech mat Recht:

- Wéi soll dat gemaach ginn?
- Wéi laang nach?
- Wat fir een anere Beruffsstand schafft zum Nulltarif?

Ganz Famillje leiden ënnert dëser prekärer Situatioun. Och deen héijen Zäitopwand, deen op eise Betriber verlaangt ass, mécht et hinnen net méi einfach.

Opreegung am Mëllechsektor

Besounesch vill Opreegung gëtt et jo bekanntlech am Mëllechsektor. D'*Lëtzebuergger Jongbaueren a Jongwënzer* sinn dofir weiderhin der Meenung, datt net un der Entscheidung gefréckelt dierf ginn, fir d'Mellechquoten ofzeschaffen. Wat bréngt et, wann 22 vu 27 EU-Länner d'Quoten net voll sträichen?

Eng Quote hëlleft net de Marché ze reguléieren. Dat, wat dat lescht Joer geschidd ass, beleet dat ganz kloer. Et ass eng Zoomuddung fir dee Jonken, fir vill Suen un d'Sofamelker mussen ze bezuelen, fir säi Betrib weiderentwéckelen ze kënnen, jo ... fir iwwerhaupt dierfen ze schaffen!

Datt an dier ablécklecher Situatioun en Top-Management gefuerdert ass, ass jidderengem bewosst. A fir dat fäerdeg ze bréngen, ass eng gutt Ausbildung onemgänglech.

Optimal Virbereedung vun de Betriber op d'Erausfuerderungen vu muer

Eng vun de joerelaange Fuerderungen vun de *Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer* ass d' Aféierung vun der Meeschterprüfung fir eise Beruffsstand. An all anere Beruff bidden sech deemjéinegen, deen d'Meeschterprüfung virweise kann, ganz aner Méiglechkeeten un. Dat gëllt esouwuel fir d'Mecanicien'en, d'Elektriker, d'Gäertner, asw. Firwat gëtt et awer nach ëmmer keng Meeschterkaart fir d'Bauern? Mir fuerden deemno op en Neits, datt déi zoustänneg Instanzen déi néideg Schrëtt an dës Richtung ënnerhuelen. Mir erwaarden äis domat, datt déi Jonk besser an d'Kenntnisser vun der Betrifsleitung, der Economie, dem Émgang mam Personal an an d'Basis-Wëssen am Droit agefouert ginn. Dëst och am Hibleck op déi ëmmer méi grouss Erausfuerderungen un d'Betriber an eiser Gesellschaft.

Nieft enger gudder Ausbildung ass bekanntlech de "Life Long Learning" ëmmer méi wichteg. Mir mussen hei e Quantesprung maachen. Dee geplangte Kompetenzzenter ass sécherlech e gudden Ufank; e muss dann awer och séngem Numm gerecht ginn.

Schafft d'Landwirtschaftskammer nach am Intressi vum Jonken?

D'Landwirtschaftskammer soll un éischer Stell do sinn, fir eise Beruffsstand ze beroden an ze ënnerstëtzen. Wa mir bei eis däitsch oder franséisch Kollegen eriwwekucken, da gesi mir, datt si permanent dobäi sinn, fir néi Versich an deenen eenzelen Produktiounsverfahren duerchzeféieren an néi Resultater ze publizéieren. An där Richtung geschitt an eiser Landwirtschaftskammer net allzevill.

Eis Noperen bréngen et fäerdeg, d'Betriber individuell ze beroden an esou déi passend Léisungen fir d'Schwaachstellen an de Betriber ze fannen. Och wat Weiterbildung vun de Baueren an de Wënzer ugeet, sinn eis Noperen äis ëm Villes viraus. Hei zu Lëtzebuerg fënnt een awer net emol deen aktuelle Programm vun de Weiterbildungscouren um Internetsite vun der Landwirtschaftskammer.

D'Landwirtschaftskammer ass awer och do, fir déi eis Interessen am legislative Beräich ze verrieden. Si muss der Regierung bei all Gesetz- an Réglementsentsworf e Gutachten ofginn. Wann een sech awer all eis Oplagen ukuckt, da schéngt et, wéi wann eis Landwirtschaftskammer oft hiren Asaz verpasst hätt!

Mir froen äis oft, ob d'Landwirtschaftskammer iwwehapt nach un de jonke Baueren intresséiert ass. Mir mussen op dëser Plaz leider erwähnen, datt de Verrieder vun de *Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer* aus der Commissioun fir d'Koordinatioun an d'Erweiterung vun de Berodungstellen erausgeflunn ass. Ass der Landwirtschaftskammer d'Jugend – an deemno d'Zukunft vun der Lëtzebuenger Landwirtschaft - wirklech egal?

Mir erwaarden äis vun deenen Zoustännegen aus der Landwirtschaftskammer, datt si déi néideg Schrëtt ënnerhuelen, fir datt de Bauerestand op eng dynamesch an informativ Déngschtstell kann zréckgräifen. Dës muss eng **dreiwend Kraaft** an der Landwirtschaft duerstellen.

Deen neien Agrarcenter – eng Noutwendegkeet

D'Primärprodukter mussen hei am Land weiderverschafft ginn, fir eng Plus-value ze schafen. Mir dierfen äis op kee Fall vum Ausland ofhängeg maachen. Dofir muss deen neien Agrarcenter realiséiert ginn. Mir hoffen, datt den Agrarcenter elo - no de Wahlen - esou séier gebaut gëtt, wéi de Projet virun de Wahlen op d'Been gestallt gouf. Mir fuerden dofir all déijéineg op - sief et een Eenzelen oder e Mouvement - déi an de leschte Wochen Oppositioun géint deen neie Site gemaach hunn, fir konstruktiv matzeschaffen. Wann hinnen dee proposéierte Site net gefällt, da sollen direkt konkret Léisungsvirschléi op den Dësch kommen. Mir kënnen äis kéng joerelaang Discussiounen iwwert de richtege Site erlaben! Mir brauchen en neien Agrarcenter. An dat esou schnell ewéi méiglech! D'Hoffnung, datt dësen neien Agrarcenter zum Virdeel vun äis Baueren gemanagt gëtt, hu mir och nach net opginn.

Kennzeechnung vun den Imitat-Produkter

Mir maachen äis Suergen iwwe de Fait, datt ëmmer méi héichwäerteg landwirtschaftlech Produkter duerch Imitater ersat ginn. Sou huet beispillsweis den Analog-Kéis ni eng Drëps Mëllech gesinn, mee gëtt aus Planze-Fett hirgestallt. Donieft ginn et Pizzaen, wou op der Verpackung steet "mat Ham", mee et ass kee Stéck vum Schwäin dra verschafft ginn. Bei all dëse Produkter mierkt de Konsument emol net, datt en iergefouert gëtt. Mir fuerden d'Politik zum Handeln op! Imitat-Produkter mussen kloer, fir all Mensch verständlech, gekennzeechent ginn!

D'Nohaltegheet net zum Nulltarif!

Mir schwätze schonn zënter Joeren iwwert den Asaz vun erneierbaren Energien - virun allem wat d'Biogasanlagen betreffen. Leider huet sech fir eis Pionéier am Biogasberäich hei zu Lëtzebuerg - dei viru Joeren de Sprong an d'kalt Waasser gemaach hunn - nach näischt zu hierem Virdeel gerännert. Als Initiator a Virreider am Biogassektor, fannen d'*Lëtzeburger Jongbaueren a Jongwënzer* datt et elo duer geet mat eidele Verspriechechen a grouse Rieden. Mir hunn äist gemaach a mir hunn äist gesot! Elo musse mir déi zoustänneg Instanzen drop opmierksam maachen, datt am Fall, wou kéng konkret Mossnahmen geholl ginn, fir d'Bedreiwer vun deenen éischten Biogasanlagen bannent deenen nächste Méint ënnert Äerm ze gräifen, hir Dieren wäerten zouspäeren mussen. Och eenzelne Prestige-Projeten vu verschiddene Politiker wäert et net besser ergoen! Dëse Volet am Beräich vun den erneierbaren Energien muss dann als en *Échec* duergestallt ginn.

Fir dëst ze beleeeën, soe mir deenen e grouse *Merci*, déi äis d'Méiglechkeet ginn hunn, fir haut den Owend e puer konkert Zuelen op den Dësch ze leeën. An dëser Gemeinschaftsbiogasanlag aus dem Land, déi stellvertriedend an zoutreffend fir all Biogasanlagen dohigestallt ka ginn, gouf et Gesamteinnahmen vun 754.000 € a Gesamtausgaben vun 797.000 € am Bilan vum Joer 2008. Do gétt et net vill ze ergänzen, mir kënne just soen, datt och Bilan'en aus deene Joere virdrun net besser do stinn - am Géigendeel! Dës Anlag hat 2008 eng relativ Lafzäit vu 94 %, wat als maximéierte Wäert ugesi ka ginn.

Mir wëssen all, datt d'Politik e gewëssen Undeel un erneierbare Energien hei am Land ustrief, wat begréissenswäert ass. Et muss een sech awer am Kloere sinn, datt et nohalteg Ziler net zum Nulltarif gétt!

Mir hoffen deemo, datt eisen neie Landwirtschaftsminister kéng Méi scheit an déi zoustänneg Instanzen esou séier, ewéi méiglech zur Vernunft bréngt.

Landesplanung – IVL – Ëmwelt “Simplification administrative”

Eng vun den Haaptaufgaben, déi sech eis nei Regierung ginn huet, ass d'*Simplification administrative*. Dat ass och batter néideg. Vun Dag zu Dag hëllt deen administrativen Opwand zou; de Bauer muss ëmmer méi Reglementer, Oplagen a Conditionen anhalen – nieft sénger aldeeglecher Aarbecht. Oft sinn him d'Konsequenzen guer net bewosst. D'Zréckgräifen op d'Berodung ass deemno bal onvermeidbar.

Mir sinn der Meenung, datt duerfir weider an eng besser Berodung investéiert muss ginn. Grouss Erausforderungen kommen am Ëmwelt- a Waasserschutz op äis duer. An deenen zwee Beräicher ass vu Säiten vum Landwirtschaftsministär an hiere Verwaltungen an der leschter Zäit awer net allzevill Konstruktives geschitt. Et gétt nëmme just nach reagiert anstatt ze gehandelt!

Déi ofwaardend Haltung am Beräich Waasserschutz kënnt an der Zukunft fir verschiddene landwirtschaftlech Betriber zu engem strukturellen a finanziellen Problem ginn. Den Artikel 38 vun der EU-Veruerdung 1698/2005 am PDR muss deemno an d'Agrargesetz afléissen. D'Bestëmmungen zu deem Artikel, déi momentan zu Bréissel diskutéiert ginn, mussen esou flexibel gestallt ginn, fir datt d'Restriktiounen a Waasserschutz- an an Iwwerschwemmungsgebidder finanziell laangfristeg entschiedegt kënne ginn. Dësen Artikel misst och spillen bei zousätzlechen Oplagen an den Natura 2000 - an an den Habitat Zonen.

Staarken Nohuelbedarf gétt et och beim Thema Pflanzeschutzmëttel. Duerch de relativ rapide Changement a Punkto Zouloossungen, Ofstand-Oplagen an Ausbrennungszäitpunkter, si vill Baueren, Wënzer oder Gäertner iwwerfuert. Hinnen muss vu staatlecher Säit aus eng staark a kompetent Ënnerstützung ugebueden ginn – an dat besonnesch an deene Kulturen, déi net vill hei am Land ugebaut ginn.

Eng weider Fuerderung, déi sech ewéi e roude Fuedem duerch eis Stellungnahmen aus de leschte Joeren zitt, sinn d'Oplagen bei Neibauten. Hei mussen et endlech kloer Regeln ginn. D'Waardezäiten vun der Ufro bis zur Genehmegung mussen drastesch erof gesat ginn. Déi zoustänneg Instanzen missten sech mam Bauer um Terrain e Bild vun der Situatioun maachen a konstruktiv un de beschte Léisungen schaffen.

Esou kënnt e gudden Kompromëss fonnt ginn, fir datt de Bauer an sénge Gebeier schaffen kann an donieft den Neibau an d'Landschaftsbild passt. Schnell Genehmigungen sinn net nëmme am Intressi vun de Baueren, déi an hir Zukunft wëllen investéieren, mee si hëllef och, datt de Bausektor an dëse Krisenzäiten nei Opräg kritt.

Jiddereen ass gefuerdert

Léif Leit hei am Sall. Dir gesidd, datt bei all dëse Punkten, déi mir elo ugeschwat hunn, nach vill ze maachen ass. Mir wiere frou, wann eis Fuerderungen op oppen Oueren géife stoussen an all d'Akteuren aus der Lëtzebuurger Landwirtschaft hiren Deel zu enger positiver Entwécklung an alle Beräicher géife bäidroen.

Am Numm vun de Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer soen echlech Merci!